N°3897
Entrée le 21.05.2026
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère du Travail

**Réponse du Ministre du Travail, du Ministre des Affaires intérieures et du Ministre de la Fonction publique à la question parlementaire N°3897 du 9 avril 2026 de l'honorable Député Marc GOERGEN concernant « Traitement de cas de maladies dans le secteur privé, public et communal ».**

**Fro 1: Sinn d'Restriktiounen, déi vun engem Hausdokter an/oder Aarbechtsdokter festgehale ginn, fir de Patron verbindlech, oder kann de Patron dës refuséieren?**

Geméiss dem Artikel L. 312-1 vum Aarbechtsgesetzbuch ass den Employeur am allgemengen dozou verpflicht, d'Sécherheet an d'Gesondheet vu senge Salariéen ob der Aarbechtsplaz ze garantéieren.

Wann ee Salarié krank ass an den Hausdokter de Salarié krankschreift, ass dëse Krankeschäin natierlech fir den Employeur verbindlech.

Betreffend den Restriktiounen déi vun engem Aarbechtsdokter festgehale kënne ginn, gesäit den Artikel L. 326-9 (3) vum Aarbechtsgesetzbuch vir, dass den Employeur kee Salarié op engem Poste weider beschäftegen dierf, fir deen den Aarbechtsdokter de Salarié als „inapte" deklaréiert huet. Dës Decisioun vum Aarbechtsdokter muss also och vum Employeur respektéiert ginn.

Desweideren besteet d'Méiglechkeet, datt d'Commission mixte op Basis vum Artikel L. 551-1 vum Aarbechtsgesetzbuch iwwert een internt Reklassement entscheet. Dat internt Reklassement bedeit, datt eng Persoun am selwechte Betrib oder an der selwechter Verwaltung op een anere Posten oder ënner aner Aarbechtsbedéngungen versat gëtt, déi zu hiren verbleiwende Fäegkeeten passen. Am Fall vun engem internen Reklassement, kann d'Commission mixte dann och zum Beispill eng Adaptatioun vum Posten oder eng Aarbechtszäitverkierzung festhalen. An dësem Fall, ass dës Decisioun och verbindlech fir den Employeur.

**Fro 2: Wat fir Méiglechkeeten huet de Patron, wann hien der Meenung ass, datt dës Restriktiounen net mat der Ausféierung vun der Aarbecht kompatibel sinn (z. B. Upassung vum Poste, Reklassement, Kënnegung) a wat fir Sanktioune si virgesinn, wann e Patron dës Restriktiounen net respektéiert?**

Geméiss dem Artikel L. 326-9 (4) vum Aarbechtsgesetzbuch ass den Employeur verpflicht de Salarié, deen als „inapte" fir säi Posten deklaréiert gouf, esouwäit wéi méiglech, op een anere Posten ze sätzen. Laut der Jurisprudenz handelt et sech an deem Fall em eng „obligation de moyens" déi den Employeur anhale muss fir een néie Poste fir de Salarié ze fannen, dee senge verbleiwende Fäegkeeten gerecht gëtt. Dëst bréngt mat sech, datt den Employeur alles probéiere muss fir dem concernéierten Salarié en aneren Posten unzebidden an doduerch sengen Pflichten nokënnt, och wann dësen Versuch leider net zu engem Resultat féieren konnt.

Wann et dem Employeur net méiglech ass dem betraffenen Salarié een adaptéierte Posten ze proposéieren, muss dësen appreciéieren ob hien de Salarié kënnege wëll (dëst natierlech ënnert de

gesetzlechen, statutareschen oder kollektivvertraglechen Bestëmmungen betreffend enger Kënnegung a, wou zoutreffend, engem potenzielle Schutz géint d'Kënnegung). Am Fall vun enger Kënnegung wier et am Sträitfall un engem Geriicht ze decidéieren ob dës Kënnegung justifiéiert war an ob den Employeur senger „obligation de moyens" nogaangen ass.

Falls d'Commission mixte entscheet, datt e Salarié intern reklasséiert gëtt, eventuell mat enger Adaptatioun vum Posten oder enger Aarbechtszäitverkierzung, huet den Employeur d'Méiglechkeet ee Recours virum Conseil Arbitral de la Sécurité Sociale, an engem Délai vun 40 Deeg ab der Notifikatioun vun der Decisioun, anzereechen.

Desweidere besteet d'Méiglechkeet, datt d'Commission mixte den Employeur vum interne Reklassement dispenséiert, wann dësen ee begrënnten Dossier areecht wou hien beweise kann, datt d'Reklassement een schwéieren Schued fir den Employeur verursaache géif.

Et ass hei och ze bemierken, datt een Employeur och ouni Dispens vun der Commission mixte refuséieren kann sengen Obligatioune vum internen Reklassement nozegoen, andeems en eng Kompensatiounstaxe un de Fonds pour l'emploi bezuelen muss.

Geméiss dem Artikel L. 327-2 vum Aarbechtsgesetzbuch, riskéiert een Employeur deen ee Salarié beschäftegt, dee laut dem Artikel L. 326-9 vum Aarbechtsgesetzbuch als „inapte" deklaréiert gouf, eng Prisongsstrof vun 8 Deeg bis zu 6 Méint an/oder eng Geldstrof tëschent 251 € a 25.000 €.

**<u>Fro 3:</u> Ginn et Kontrollmechanismen, déi iwwerpréiwen, ob d´Patronen sech un déi medezinesch Restriktioune halen?**

D'Dokteren vun der Division de la santé au travail vun der Direction de la Santé hunn d'Méiglechkeet op d'Aarbechtsplaz iwwerpréifen ze goen ob déi zréckbehalen Restriktioune vum Employeur agehale ginn. Geméiss dem Artikel L. 322-2 vum Aarbechtsgesetzbuch hunn och d'Aarbechtsdokteren vun den verschiddenen Gesondheetsservicer dës Méiglechkeet.

Ausserdeem huet och d'Inspection du travail et des mines (ITM) d'Méiglechkeet, ausserhalb vun engem Reklassement, z'iwwerpréiwen ob den Employeur déi festgehalen Restriktiounen anhält. Falls dëst net de Fall wier, verstéisst den Employeur géint seng Obligatioun d'Sécherheet an d'Gesondheet vu senge Salariéen op der Aarbechtsplaz ze garantéieren, geméiss den Artikelen L. 312-1 an L. 312-2 vum Aarbechtsgesetzbuch.

**<u>Fro 4:</u> Ginn et, fir déi virëg Froen, Ënnerscheeder tëschent dem normalen Aarbechtsrecht an dem ëffentlechen Déngscht an tëschent dem normalen Aarbechtsrecht an dem Gemengendéngscht?**

Fir Salariéën aus dem Staatsdéngscht an aus dem Gemengendéngscht gëllen déi selwecht Bestëmmungen wéi se zu de Froen 1 bis 4 beschriwe sinn.

__Fro 5:__ **Huet de Staat Donnéeën oder Statistiken, wéi dacks et am Zesummenhang mat medezinesche Restriktiounen an hirer Ëmsetzung op der Aarbechtsplaz an der Fonction publique an am Gemengesecteur zu Konflikter koum?**

Nee, de Staat huet zu denen an dëser Fro ugeschwate Konflikter keng statistisch Donnéën.

Luxembourg, le 21 mai 2026

**(s.) Marc SPAUTZ**
**Ministre du Travail**